Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 20 Juli 2020

Objet: Compte-Rendu des Activités scouts pendant la pandémie Covid-19

Här Educatiouns a Jugendminister,

Wéi och an de leschten 100 Joer, wou d'Guiden an d'Scouten vun der FNEL an den LGS sech **ëmmer bereet** gewisen hunn a Krisenzäiten ze hëllefen, war hei och séier d'Decisioun getraff eist Engagement géintiwwer der Gesellschaft ze erfëllen. De Scoutismus, als edukativt Jugendmouvement, huet op en Neits gewisen wéi wäit säin Aktivitéitsberäich geet a wéi wichteg d'Guiden an d'Scouten, an och de Benevolat fir d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg sinn. Nëmmen 2 Deeg nom Ausruffe vum Confinement waren d'Membere vu Scouting in Luxembourg (SIL) prett a sou si schonn den 16. Mäerz déi éischt Appeller op den Hotline erakomm.

Erlaabt eis kuerz op déi eenzel Aktiounen anzegoen, déi mer an de leschte Méint organiséiert hunn:

- Bis den 30. Juni hu 66 lokal Scoutsgruppen vun der FNEL an den LGS queesch duerch d' Land knapps 6300 Opträg am Kader vun **#allDagengBA** realiséiert. Dozou zielen Akeef vu Liewensmëttel, e Gang an d' Apdikt oder op d'Post, mee och den Hond huet heiansdo mussen erausgelooss ginn. Och eng sëllege Gemengen hunn op onse Service zréckgegraff. Am Ganzen sinn ongeféier 900 Scouten dagdeeglech benevole am Asaatz gewiecht fir, sou wéi et am Scoutsgesetz steet, seng Matmënschen net am Stach ze loossen an all Dag eng "bonne action" ze maachen.

- Wärend dem Confinement hate verschidde Léit keen aneren sozialen Austausch wéi mat "hirem" Scout dee fir si d' Kommissiounen maache gaangen ass. Sou ass séier eng zweet

a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000

Responsabilitéit derbäi komm fir nämlech genau deene Leit ze weisen, datt ee fir si do ass, hinnen nolauschtert a sech Zäit hëllt fir mat de Leit ze schwätzen.

- Ënnert dem Motto **#bitzdoheem**, hu mer, zesumme mat dem Ministère de la Santé en Opruff an der Populatioun gemaach fir Mondschutzmasken ze bitzen. Souwuel d'Hotline, d'Asammelen, wéi och d'Verdeelen vun de Masken goufe vun eis organiséiert. Mir konnten de Projet ofschléissen mat iwwer 40.000 agesammelte Masken déi mer un 51 verschidden sozial Arïichtungen zu Lëtzebuerg konnte weidervermëttelen.

- Als Kanner- a Jugendmouvement dierfe mir natierlech kee vergiessen. Fir all deene jonke Matmënschen d'Méiglechkeet ze ginn och am Alldag eng flott Aktivitéit ze maachen hu mer **#HomeScouting** respektiv **#Scoutendoheem** lancéiert. Iwwert déi sozial Medien an op eise Siten proposéiere regelméisseg eng alternativ Iddi wéi een, op eng Scouts- Aart a Weis, doheem mat Hëllef vu sengen Elteren, oder ouni dës, kann eng Aktivitéit maachen.

- Mat der Ënnerstëtzung vun der Post goufe ronn **2000 Postkaarten** vun eise Jéngsten bemoolt a beschriwwen an all d'Alters- a Fleegeheemer am Land verschéckt fir do e bësschen Faarw an deen awer méi speziellen Alldag ze bréngen.

Trei no eiser Devise "**Zesumme fir eng besser Welt**" huet de Scoutismus mat sengen honnerten Fräiwëllegen gewisen dass en eng wichteg Platz an a fir d'Gesellschaft huet.

Mir als Comité vum SiL sinn eise jonken a manner jonken Scouten dankbar no hire beschte Méiglechkeeten sech an dësem Moment fir hier Matmënschen agesat ze hunn.

Raoul WIRION

Vice-Président SiL

Anouk GALASSI

Présidente SiL

De Familljeministère huet eng Copie vun dësem Bréif kritt.

a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000